ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Héichschoulminister weiderzeleeden.

A senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 1946 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement hat den Här Minister de 25. Mäerz 2020 geschriwwen: *"De beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschaften op der Universitéit Lëtzebuerg, deen 2017 zesumme mat der Salariatskummer lancéiert gouf fir dräi Cohortë vu Studenten, gëtt 2020/2021 fir ee Joer ausgesat, esou dass d'Organisatioun an de Format vum Programm kënnen iwwerschafft ginn. Vu dass d'Zuel vun de Kandidaten erofgaangen ass, gesäit d'Universitéit Lëtzebuerg vir, de beruffsbegleedende Bachelor an de reguläre Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschaften ze integréieren, woumat déi akademesch Qualitéit vum Deelzäitprogramm op d'laang Dauer garantéiert gëtt. Den Informatioune vun der Universitéit Lëtzebuerg no kënnen d'Kandidate fir de beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschafte sech fir d'Wantersemester 2020/21 an de reguläre Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschaften deelzäit aschreiwen an da fir d'Wantersemester 2021/22 an den neie beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschafte wiesselen."*

Dëst neit Format vum beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschaften huet elo awer zu engem Dissens tëscht Uni Lëtzebuerg a Salariatskummer gefouert. Wéi den 12. Mäerz 2022 am *tageblatt* ze liese war, ass d'Salariatskummer onzefridde mat dësem neie Format, well deen, besonnesch wat d'Zäitplanung ugeet, ongëeegent fir beruffstäteg Studente wier. D'Salariatskummer huet dowéinst ugekënnegt, hir Kooperatioun mat der Uni Lëtzebuerg zréckzezéien, an domat hir finanziell Hëllef an Héicht vun 100.000 € pro Studiegang.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister preziséieren, wéi et elo weidergoe wäert mat dem beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschaften?
2) Wéi steet den Här Minister zur Kritik vun der Salariatskummer um neie Format vum beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschaften, besonnesch wat d'Ausso vun hirem Vizedirekter ugeet, deen neie Studiegang wier fir beruffstäteg Studenten organisatoresch net duerchzezéien?
3) Denkt den Här Minister drun, fir an dëser Saach tëscht Uni Lëtzebuerg a Salariatskummer ze vermëttelern?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten